ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Dat Schwäizer Bundesamt für Bevölkerungsschutz huet a senger Etude "Bericht zur nationalen Risikoanalyse – Katastrophen und Notlagen Schweiz 2020" 44 bevëlkerungsschutzrelevant Gefärdungen am Hibléck op hiert Schuedpotenzial wéi och op hir Antrëttswarscheinlechkeet bzw. Plausibilitéit analyséiert. Dës Etude identifizéiert ee gravéierende Stroummanktem am Wanter, eng Influenza-Pandemie an e Blackout am Mobilfunknetz als déi dräi gréisst Geforen. Déi wirtschaftlech Konsequenze vun engem Stroumausfall besonnesch am Wanter ginn als besonnesch héich agestuuft. Am Hibléck op dës wëssenschaftlech Etude, awer och op d'Tatsaach, datt eis dräi Nopeschlänner, vun deene mir energiepolitesch ofhängeg sinn, an deenen nächste Jore grouss Deeler vun hirer Atom- a Kuelekraaftwierkskapazitéit ofbauen, stellt sech d'Fro no der zukünfteger Versuergungssécherheet fir eist Land.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi gesäit den Här Minister d'Antrëttsplausibilitéit vun engem laang undauernde Stroumausfall fir eist Land? Geet de Minister dervun aus, datt eng Energiepolitik, déi ëmmer méi op wiederofhängeg Wand- a Solarenergie setzt, an der Lag ass, dës dräi Risike fir eist Land op ee Minimum ze reduzéieren?
2) Ginn et an der Regierung Iwwerleeungen, een Haftungsgesetz am Hibléck op potenziell Versuergungsdefiziter vum Land auszeschaffen? Gëtt et een Noutfallplang fir de Fall, wou et zu engem längere Blackout kënnt? Wann net, wat fir Argumenter schwätzen dergéint?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup

Deputéierten